




**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6734 vum 30. August 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

- 1) D'Tabell en Annexe weist d'Zuel vun de Leit, déi bei der Luxair vum Chômage partiel profitéiert hunn. Et muss bemierkt ginn, datt zënter deem Summer nëmme Leit, déi strukturell an der "Cellule de Reclassement" placéiert sinn, fir 100% vun hirer Aarbechtszäit vum Chômage partiel profitéieren. Déi aner Luxair-Mataarbechter hate keng Chômageideeg. Ze bemierken ass, datt all Chômage-partiel-Statistiken an "Equivalent temps plein" ausgedréckt sinn.

Et muss een notéieren, datt ënnert den Agenten déi vum Chômage partiel profitéieren, et "de manière structurelle" aktuell 16 Leit ginn, déi vum ganze Chômage partiel betraff bleiwen oder deelweis oder ganz am Congé sinn. Vun der Lëscht vun 69 Leit, iwwer déi mer mam Staat en Accord fonnt haten, datt se laangfristeg sollen zrëckgeholl ginn, sinn der 47 placéiert ginn, 15 bleiwen nach ze placéieren. Fir déi reschtlech 7 konnt eng Léisung fonnt ginn oder si hunn d'Luxair verlooss.

- 2) Dat 2. Dokument gëtt Detailer pro Mount, vun Detachementer zënter Mäerz 2020 (*Prêt Temporaire de Main d'œuvre*). Am Ganze waren 153 Mataarbechter betraff.



- 3) Am Aklang mat de Konditioune vum "Plan de Maintien dans l'Emploi", ass keng Persoun aus wirtschaftleche Grënn oder wéinst der Reorganisatioun entlooss ginn, zënter datt dëse Plang a Kraaft getrueden ass.

4) All déi Leit, deenen hir Positioun temporär oder dauerhaft betraff war, an déi dowéinst Chômage partiel hu misse kréien an/oder an e "*prêt temporaire de main d'œuvre*" gesat goufen, sinn net op hirer Positioun ersat ginn.

Wat de Punkt zum externe Personal ugeet, huet d'Luxair e Serviceaccord mat enger externer Firma fir e sougenannten ACMI (Aircraft, Crew, Maintenance, Insurance) ofgeschloss. Dëst fir zousätzlech Flich ofzedecken, déi déi aktuell Kapazitéit vun der Luxair net erlaabt hätt. Déi Positiounen koumen also zousätzlech zum, an net am Plaz vum aktuelle Personal vun der Luxair. Fir méi Detailer zum ACMI verweisen ech op d'Äntwert op d'Parlamentaresch Fro n° 5846 vum 2. Mäerz 2022. Lëtzebuerg, den jj/mm/aaaa.

Lëtzebuerg, de 27. September 2022.

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch

Annexe:

<b>Mois Année</b>	<b>Chômage Partiel en ETP pour le mois entier</b>
mar-20	76
apr-20	672
may-20	694
jun-20	418
jul-20	197
aug-20	153
sep-20	202
oct-20	266
nov-20	289
dec-20	244
jan-21	328
feb-21	325
mar-21	351
apr-21	253
may-21	213
jun-21	154
jul-21	79
aug-21	43
sep-21	46
oct-21	46
nov-21	49
dec-21	35
jan-22	124
feb-22	76
mar-22	73
apr-22	15
may-22	10
jun-22	9
jul-22	9
aug-22	7